

## Commission pour le développement durable et à l'énergie Reunion vum 13. Oktober 2020

*Present* : Jean-Jacques BUTTEL, Philippe CHENNAUX, Marc FRANK, Carlo KOEPP, Patrick KRÄMER, Ambros PORCSIN, Joske VOSMAN

*Entschëllegt*: Pierre ESPEN, José FERNANDES, Claude HETTINGER, Henri NOESEN

*Absent*: Alex BERTRAND, Marc HOFFMANN, Jacques HUSS, André STROTZKA

*Bericht*: Carlo Koepp

### **1) Begréissung**

Begréissung duerch de President Joske Vosman.

### **2) ROI Kommissiounen**

Am Gemengerot ass den 13 Oktober fir d' Gemengen Kommissiounen festgehal ginn:

- dat fir Deliberatioun an de Kommissiounssitzungen d'Hallschent (1/2) plus 1 Member muss präsent sinn.
- Zukünfteg geet Unzuel vun de Memberen an de Kommissiounen op 11 begrenzt. Bis zur neier Konstitutioun vun de Kommissiounen bléift et awer beim aktuellen Zoustand.
- Wann Memberen 3x onentschëllegt feelen, scheeden se aus!
- D' Fro vun méiglechen Procuratiounen muss nach gekläert ginn an steet nach op

### **3) Tour duerch Duerf 2020**

Gemeng Helperknapp huet matgemaach, an fir déi éischten Kéier wor d' Participatioun net schlecht. Am Prinzip sollte mir d' nächst Joer erëm deelhueen. Dobäi ass et wichteg fréizäiteg (2 bis 3 Méint am viraus) Reklamm ze maachen an d' Bierger, d' Veräiner an d' Kommissiounen z'informéieren duerch Ushreiwen, fir méi eng staark Participatioun ze garantéieren. Vlät kennt een och un eng gemeinsam Initiative mat den Gemengen Miersch an Habscht nodenken? Kennt een eventuell och den Tour mat engem Sujet beleeeën, oder mam Mobilitéitsdag koppelen, oder mam Leader West schaffen fir d' Vëlo's Weeër ze verbannen!

### **4) Wal vum President**

D' Memberen hunn unanime den Philippe Chennaux proposéiert. Hien huet no enger Bedenkzäit Propose ugeholl. Mir wënschen him eng glécklech Hand an vill Gléck als neie President.

Dem Joske e **Grousse Merci** fir seng gutt Aarbecht, seng Begeeschterung an déi vill interessant Initiativen während senger Presidentschaft. Hien bleift Member an der Kommissioun.

De Carlo schreift d'Rapporten

## **5) Punkten déi nach opstinn**

- **Stoff-Wëndelen** vs. Kommerziell Wëndelen (Pampers, asw.)
- **Charta**, ass vum Joske am Gemengerot präsentéiert ginn an gouf ass formell gutt geheescht, mir sollen weider dru schaffen an an eng definitiv Form ëmsetzen. Esoubal mer prett sinn, musse mir dann Initiativen starten fir eisen ekologeschen Footprint an Zukunft ze verbesseren, ënner anerem:
  - Informatioun vun den Veräiner an mat hinnen eng Bestandsopnamen duerchféieren
  - Vermeidung vun Offall an Reduktioun vun Ewechwerfs Geschier
  - Zesummenaarbecht mat der Super-Drecks-këscht
  - Energie Spuermoosnamen mat Schouklasse definéieren an Objektiv festleeën
  - Bereetstellung an Notzung vu gemeinsamen Material fir d' Veräiner fir Iwwerfluss ze vermeiden
  - Bautereglement mat de Bestëmmungen fir Steegäert ergänzen
  - Bautereglementer vun Téinten an Béiwen harmoniséieren.

- Alternativ Energien an Energie Spueraktiounen

Um Gemengenatelier an um Pompjee's Gebai sinn Solar-Paneelen installéiert. Leader West sicht an dem Kontext nach Gebaier déi duerfir interessant wieren an haten zu dem Zweck eng Etude duerchgeféiert. Mir sollten aus doriwwer informéieren!

Fir eng besser Verbrauchs Iwwersiicht sollten déi nei Schoul an Sportshal zu Brouch getrennt Stromzieler kréien. Dat bedéngt awer eng Upassung vun der Mëttelspannungsversuergung duerch CREOS, woubäi natierlech d'Fro vun der Rentabilitéit gestallt gëtt!?

**Nächst Sëtzung den 1 Dezember um 19h30 an der Koll**